N° 8009
Entrée le 05.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8009 vum 22. Mee 2023 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser.**

1) Et goufen a ginn keng Kerosin-Aspuerunge fir Fligeren ugeuerdent. An dësem Kader ass d'Verännerung vun de Fluchrouten eleng op d'Changementer vu Prozeduren zréckzeféieren. Generell ass Kerosin ee grousse Käschtepunkt fir Fluchgesellschaften, a se hunn all Interêt drun es esou mann wei meigleg ze verbrauchen, ouni dass dëst muss virgeschriwwen ginn.

2) Op Nofro bei der Administration de la navigation aérienne (ANA), kann ech Iech matdeelen, datt op der « Departure Route GTQ » vun der Pist 06 (Richtung Osten), an de leschte Joer e puer Ännerunge gemaach goufen, déi ënner anerem mat der Militärzon TRA Lauter op däitscher Säit ze dinn hunn. Dës Militärzon huet awer och scho virdrun existéiert; si ass also net nei ageriicht ginn.

D'Militärzon TRA Lauter (TRA205) ass ee militäresche Loftraum, wou keen ziville Fliger dierf erafléien, den sech exklusiv um däitschen Territoire bis op d'lëtzebuerger Grenz streckt. Dës Zon limitéiert d'Méiglechkeet an der Axe vun der Pist 06 un Héicht ze gewannen. Däitschland huet d'Souveränitéit iwwert säi Loftraum a brauch Lëtzebuerg net ze consultéieren fir Militärzonen a sengem eegene Loftraum anzeriichten oder ze änneren. Dat ass eng Entscheedung vun der däitscher Defense.

Bis den 1. Januar 2020 konnten d'Fligeren eréischt no Süden ofdréinen, nodeems se eng Navigatiounshëllef (NDB) passéiert haten, déi um Buedem installéiert war.Fir konform ze si mat der europäescher Reglementatioun, déi d'Fluchroute betrëfft an d'Aféierung vun der « Performance Based Navigation » (PBN), ass entscheet gi fir déi NDB'en zu Lëtzebuerg ofzeschafen. Dëst ass am lëtzebuergesche « PBN Transition Plan » festgeluecht a publizéiert ginn. Dës Routë sinn duerno an Zesummenaarbecht mat Spezialiste vu Skeyes (dem belsche Fluchsécherungsdéngscht) ëmgeännert ginn.

Dësen neien Design vun der Departure Route an de Süden op GTQ vun der Pist 06 gëtt zanter dem 2. Januar 2020 appliziéiert. Zanterhier gëtt vun de Fligere verlaangt ze dréinen, soubal se eng gewëssen Héicht erreechen, wouduerch ka séchergestallt ginn, datt déi néideg Distanz zu der Militärzon TRA Lauter agehale gëtt.

Den 2. Januar 2020 war d'Minimalhéicht virum Ofdréinen no Süden op 1.700 Fouss festgeluecht ginn. Als Äntwert op d'Reklamatioune vu Bierger aus der Gemeng Schëtter, huet d'ANA dës Prozedur nach eng Kéier analyséiert an iwwerschafft:

- Den 31. Dezember 2020 ass d'Héicht fir ze dréinen op 2.200 Fouss adaptéiert ginn;
- Ufank Hierscht 2023 gëtt d'Héicht weider op 2.700 Fouss eropgesat fir eng Testperiod vu 6 bis 12 Méint.

3) D’Aféierung vun der PBN op Virschlag vun der European Union Aviation Safety Agency (EASA), ass definéiert am Reglement EU n° 2018/1048 vum 18. Juli 2018 (Règlement d'exécution (UE) 2018/1048 de la Commission du 18 juillet 2018 fixant des exigences pour l'utilisation de l'espace aérien et des procédures d'exploitation concernant la navigation fondée sur les performances).

Als lëtzebuergesche “Prestataire de services de gestion du trafic aérien et de navigation aérienne” ass d’ANA obligéiert dës EU-Virschrëften innerhalb vun den Delaien ëmzesetzen, fir d’Missiounen vun der Fluchsécherung weider kënnen ze garantéieren.

Lëtzebuerg, den 5. Juli 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch